Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 27/2025
14 JAN. 2025
A traiter par :
Copie à :

N°1759
Entrée le 13.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.01.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 13 Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„D'Maul- a Klauenseuch gouf ganz rezent bei Waasserbüffelen am Bundesland Brandenburg (DE) festgestallt an d'Béischten si mëttlerweil ëmkomm. MKS gouf scho säit Joren net méi an Zentraleuropa nogewisen, deemno ass dëse Fall besonnesch besuergneserreegend.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen*:*

- *Mat Referenz op déi rezent Verbreedung vun der Blozongekrankheet, kënne präventiv Mesurë geholl ginn, déi eisen nationale Véibestand bei enger Ausbreedung vun MKS schützen?*
- *Ass ee Vaccin disponibel, mat deem een d'Béischte schütze kann, a wa jo, wéi vill Dose stinn de Moment zur Verfügung?*
- *Obwuel een dovunner ausgoe kann, datt vum Virus keng Gefor fir d'Mënschen duerch Kontakt ausgeet, kann de Konsum vum Fleesch am Zweiwelsfall schiedlech sinn?"*

Mat déiwem Respekt,

Luc EMERING
Deputéierten

André BAULER
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1759 vun den éierbaren Deputéierten Luc Emering an André Bauler**

- ***Mat Referenz op déi rezent Verbreedung vun der Blozongekrankheet, kënne präventiv Mesurë geholl ginn, déi eisen nationale Véibestand bei enger Ausbreedung vun MKS schützen?***

  Zenter dass e Fall vu Maul- und Klauenseuche (MKS) an Däitschland an engem Trapp Waasserbüffelen detektéiert gouf, sinn déi Europäesch Kommissioun an d'Veterinärsdingschter vun de Memberstaaten an Alarmbereetschaft, well et sech em eng héich ustiechend Krankheet handelt, déi gewalteg wirtschaftlech Konsequenzen huet fir déi betraffe Länner.

  Hei zu Lëtzebuerg suivéiere mir de près d'Informatiounen, déi mir vun den däitschen Autoritéiten an och vun der Kommissioun kréien, déi och schonn 2 Reuniounen organiséiert hunn zu deem Thema.

  Vu dass an Däitschland d'MKS sech de Moment op deen een Trapp vu 14 Waasserbüffele limitéiert, an och aus kengen anere Länner Fäll gemellt goufen, hunn mir eis drop beschränkt iwwer Communiqué den Déierenhalter drun ze erënneren, strikt d'Reegelen vun der Biosécherheet anzehalen an all Verdacht op MKS bei hirem Veterinär resp. der ALVA ze mellen.

- ***Ass ee Vaccin disponibel, mat deem een d'Béischte schütze kann, a wa jo, wéi vill Dose stinn de Moment zur Verfügung?***

  De Vaccin géint de Virus vun der MKS muss spezifesch géint d'Souche vun dësem Virus ausgeriicht ginn. An dësem Fall an Däitschland handelt et sech em den Type O. Däitschland verfüügt iwwert eng Antigenbank, déi ënner Anerem deen Type beinhaltet, sou dass kéint a kuerzer Zäit mat der Produktioun vun de Vaccinen ugefaang ginn. Vu dass d'MKS sech de Moment an Däitschland op eng Häerd limitéiert, hunn déi däitsch Autoritéiten zu dësem Zäitpunkt keng Impfung virgesinn, dës misst och souwisou fir d'éischt vun der Europäescher Kommissioun geneemegt ginn.

- ***Obwuel een dovunner ausgoe kann, datt vum Virus keng Gefor fir d'Mënschen duerch Kontakt ausgeet, kann de Konsum vum Fleesch am Zweiwelsfall schiedlech sinn?***

  Den MKS-Virus ass fir de Mënsch net geféierlech an ass an deem Sënn keng klassesch Zoonose d.h. keng Krankheet, déi sech vum Déier op de Mënsch iwwerdréit, och wann et an der Vergaangenheet vereenzelt liicht Symptomer bei Leit goufen, déi Kontakt mat infizéierte Béischten haten, déi awer bannent e puer Deeg verschwonne sinn.

  D'Iwwerdroung vum Virus duerch de Konsum vun déieresche Produkter (Fleesch oder Méllech) stellt fir de Mënsch kee Risiko duer.

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2025
(s.) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau